

Petra Dobrovlny

www.dolphinkissis.ch

D'Märche vum klengen Delfin Müntschi



Et wor eemol e klengen Delfin. Well hie méi eng spatz Mailchen hat ewéi déi aner, gouf e vu séngen Elteren „Müntschi“ genannt. Müntschi heescht op Bernerdäitsch esou vill wéi „kléng Bees“. - Wann de Müntschi mat den Delfinekanner spille wollt, hu si geruff: „Op d’Säit mat Dir, mir wëllen net vun dénger spatzer Mailchen gestouss ginn. Du gesäiss souwiesou anescht aus wéi mir.“ Si hunn him hir Schwanzflossen zougredréint a si fort geschwomm. Dem klengen Delfin si Krokodilstréinen aus den Ae gerullt, esou décker, datt d’Mier nach méi salzeg ginn ass. Séng Mamm huet hien tèschent hir Flossen geholl a getréischt: „Sief net traureg mäi klenge Müntschi. Du

bass e ganz besonneschen Delfin. Mir sinn enges Dags bestëmmt ganz houfreg op dech.“ Mee de klengen Delfin huet ganz queesch séng Mailchen verzunn, esou datt se nach méi spatz gouf an huet gesot: „Wat hunn ech dervun, datt ech ee ganz besonneschen Delfin sin, wann déi aner net wëlle mat mer spillen?“

Séng Schwëster, déi et heiansdo färdeg bruecht huet, de Müntschi opzemonteren, sot: „Komm hei, klenge Brudder, mir schwamme bei de Grousspapp! Hien huet bestëmmt e puer Neiegkeete fir ons“. De klengen Delfin hat säi Grousspapp ganz schrecklech gär. Mat sénger roueger a kloerer Stëmm hat hien ëmmer e Rot op Lager. An obwuel hie schon esou al war, huet hie gär deen een oder anere Spaass mat gemaach. All Dag huet hien d’Noriichten aus der neier Delfinewell gelauschert.

Awer haut war de Grousspapp guer net gutt opgeluecht. „Nondikass! Dat geet dach net mei op eng Delfinhaut“, huet hie kreesch gedoen a séng gro Floss um Réck huet geziddert vu Roserei. „Grousspapp, wat ass da lass?“, hun d’Delfinekanner ganz erféiert wéi aus enger Mailchen gefrot. Esou hate si hien nach net erliewt. Fir sech ze berouegen huet de Grousspapp emol fir d’éischt e Saz an d’Loft gemaach. „Esou vill schlecht Neiegkeeten op eng Kéier“, huet hie gesot. „Et sinn schon nees Delfiner gestrand, et sinn der schon erëm esou vill am Netz gefaange ginn! An elo och nach dat hei! Méi ewéi 10000 Stéck dürfen am Numm vun der Wëssenschaft, wéi d’Mënsche soen, gejot gin!“ D’Delfinekanner goufen op ee Coup ganz bleech a wore richtig entsat.

„Dir léif Kanner, är Mamm ass bestëmmt béis mat mir, well ech iech keng Märechersgeschichten erzielen.“ „Mee, Grousspapp“, huet de Müntschi geruff: „Ons deet et jo och wéi, wann d’Mënschen d’Mier futti maachen! Mir gleewen net méi u Märecher!“ Du wor deen alen Delfin paff an huet mat enger Stëmm, déi ëmmer méi roueg a kloer gouf gesot: „Wëllt Dir mer hëllef de Rot vun eisen 12 Eelste fir eng Versammlung zesummen ze ruffen? Mir müssen eppes ënnerhuelen!“ „Jo, jo, Grousspapp, mir hellefe gär!“ A scho sinn d’Kanner nach méi héich an d’Loft gesprong fir kënne matzeman. Si sinn fir d’éischt bei d’Tatta Philadelphia gaangen. Si ass déi eelst vun den Delfinefraen. A si an och déi aner Membere vum Rot woren direkt bereet matzeschwammen.


„Wann Der färdeg sitt, zielen ech bis dräi“ huet d’Philadelphia gesot a ronderëm sech gekuckt. Sechs vun den eelsten Delfinemänner a sechs vun den eelsten Delfinefraen hu sech am Krees versammelt. Sie hu sech mat de Flossen ugehalen a sinn zesummen an d’Loft gesprong. Vun uewe gesäit d’Welt anescht aus, et huet een e vill besseren Iwwerbléck. A mat enger frëscher Lëftchen am Kapp kann ee besser nodenken. Zesumme kann ee vill méi héich sprangen. Nees zréck an der Déift vum Mier, hunn Delfinen an hirem Krees e „Gackelchen voller Gedanken“ erfond fir et färdeg auszebréien.

An där Zäit sinn déi aner Delfine mam Müntschi enk beieneen em de Rot vun den 12 Eelste geschwomm an hunn hinne frëscht Mierwaasser zougepiddelt. Et wor kengem fir ze schnëssen oder ze sängen. Elo ass et ëm Liewen an Doud gaangen.

Den drëtten Dag hunn déi Eelst hire Krees opgemaach, fir jiddfereen iwwer dat Neitst z’ informéieren. Mee dës Kéier wossten och déi al Delfine kee Rot. De Grousspapp huet zesummegefaasst: „Mir gesinn, datt d’Häerz vun vill ze ville Mënschen zougespaart ass. Mat deem zougespaarten Häerz héiere si ons Lidder iwwer d’Léift an de Fridden net méi! Si si giereg a wëlle Krich. Sie brénge sech selwer em an eis mat. Wat solle mer nëmme maachen? Ze wéineg Mënschen héieren eis, an d’Zäit leeft eis fort.“

Et ass ganz roueg ginn ënnert den Delfine. Op eng Kéier huet d’Philadelphia sech der Längt no operiicht an huet decidéiert gesot: „Et gët nach just een Auswee!“ Vun elauter Staune si vun iwwerall Loftblösen eropkomm! „Ech leeë mech op eng Sandbänk a fänken un ze meditieren. Wa mir dann d’Göttin erschénge, froen ech si em Hëllef. Ech froe se, wat mer mussen ënnerhuelen fir nees un d’Mënschen erun ze kommen!“

D’Delfinen hu sech erstaunt mat hire Flossen zougepiddelt. „Et besteet nach Hoffnung, et besteet nach Hoffnung! Fir d’Mënschen a fir eis!“ De Grousspapp huet em Rou gebied. „Léift Philadelphia, Du méchs eis Courage! Mir soen der merci a wënschen Der mat eise Lidder eng gutt Rees.“ Mat héige Säz an d’Loft hunn d’Delphinen him awuer gesot.



Déi nächst 3 laang Nuechten an Deeg sinn den Delfinen ewéi eng Eiwegkeet virkomm. An där Zäit hat d'Philadelphia wäit ewech eng Sandbänk fond an huet ugefaang mat Bieden.

No laanger Zäit, wéi et erëm heem koom, gouf et mat engem opgereegten Geschnadders vum Müntschi a sénger Schwëster ugekënnegt. Esou, datt d'Mier vun elauter Loftspréng vun den Delfinen ugefaang huet ze scheimen. Sie woren all gespaant op d'Norichten. Wéi ëmmer huet de Grousspapp sech Rou verschafft an d'Philadelphia konnt ufänke mat Erzielen. „Dir Léif! D'Göttin huet eist Gebiet erhéiert a geäntwert.“ An der Versammlung ass en Zidderen duerch d'Flossen op all Réck gaang. Sie hunn alleguer den Otem ugehal. „D'Göttin huet gesot: Wann et Nuecht get an d'Mënsche schlofen, erschéngt dir hinnen am Dram. Dir musst se këssen, da ginn hir Häerzer erëm op! Ech schenken Iech d'Gnod fir Iech an d'Dreem vun de Mënschen eran ze dreemen. Ee vun Iech muss ufänken, da kréien déi aner och de Courage.“

D'Delfinen hu sech gewonnert a sech bekuckt: „Wat, d'Mënschen am Dram këssen? An ee vun eis soll ufänken? Mee wien dann? Mee wien?“


„Ma ech!“ huet op eemol eng Stëmmche geruff. Alleguer hu se sech ëmgedréint fir ze kucken wou dat hier kéim! „Duuuu Müntschi?“ „Jo, ech! „huet de klengen Delfin nach eng Kéier gesot an de Koplabung mëtten an d' Versammlung gemaach!

„Ech hunn déi am meeschte spatz Mailchen a kann am beschte këssen. Ech machen iech de Wee fräi an d'Häerzer vun de Mënschen.“ Mat Tréinen huet d'Mamm hire Jong ëmännelt a sot:

„Ech hu jo schon ëmmer gewosst, dass du e ganz besonneschen Delfin bass.“

„Jooo“, huet déi ganz Versammlung begeeschtert geruff, „maach du den Ufank, Müntschi! Maach Du en! Mir kommen hannendrun! Mir kommen hannendrun!“

Vun do u ginn d'Mënschen am Dram vun den Delfinen gekësst. An nach haut soll et Mënsche ginn, déi bal net kënnen drop warden, fir vun engem Delfin gekësst ze ginn! Wann Der Gléck hutt, gitt Der vum Müntschi gekësst. Séng Kusse si besonnesch duuss.



Text und Illustration:

Petra Dobrovlny-Mühlenbach, CH-Bern

www.dolphinkissis.ch

Übersetzung vom Deutschen ins Luxemburgische:

Ginette Rüdý-Kesch, Präsidentin Lëtzebuenger Club „Roude Léiw“, Schweiz

www.letzebuengerclub.ch

und

Ginette Griesbach-Frosio, Präsidentin der luxemburgisch-österreichischen

Gesellschaft in Wien www.loegwien.at

Verlag gesucht:

Dieses Märchen könnte als Bilderbuch mit Audio-CD – Text auf luxemburgisch, deutsch, französisch und englisch - gesprochen und vertont von dolphinkissis healing sounds – erscheinen.

Bitte melden bei Petra Dobrovlny www.dolphinkissis.ch

Merci!